

## Commune de Wormeldange Elections du 9 octobre 2011

ADAM épouse ECK Marie-Louise	<input checked="" type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
FECHTER Klaus	<input checked="" type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
HENGEL Max	<input checked="" type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
PUNDEL Claude	<input checked="" type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>
STEFFEN Romain	<input checked="" type="checkbox"/>
	<input type="checkbox"/>

## Är Stemm zielt!



Léif Mattbierger, wann dir Détailler zu iisem Wahlprogramm wëllt wëssen oder soss Froën un iis huet, zéckt nët Kontakt iwwert iis Homepage matt iis opzehollen.

Chers citoyens, n'hésitez pas à poser vos questions et à demander des renseignements éventuels sur notre programme électoral via notre site internet.

Caros eleitores, podem encontrar mais esclarecimentos ou mesmo enviar as vossas questões sobre o nosso programa eleitoral acedendo ao nosso site Internet.

méi Informatiounen  
zu den Kandidaten an zum Programm fannt dir op  
**<http://www.walen2011.lu>**

## Är Kandidaten zesumme fir d'Gemeen



A motivéierter a produktiver Ronn huet iis Equipe sech zesummengesat fir e Bilan vun de leschten 6 Joar ze zéien, fir Erweiterungsideen an Verbesserungsvirschléi ze sammeln. Festgehal hu mir 6 Schwéierpunkten, déi duerch iis éierlech Loscht um Engagement an den nächste Joaren an iiser Gemeen sollen ugepaakt ginn.

Mir freeën iis iwwer all Ureegungen vun Ärer Sait a wëllen och iwwert d'Wahlen eraus beschtméiglechst am Sënn vun Eech als Awunner vun der Wormer Gemeen schaffen.





### **ADAM ép. ECK Marie-Louise**

57 Joar, bestued, 2 Kanner  
Hausfra  
Sekretärin vun "Gaart an Heem Wormer/Ohn"  
Trésorière vum "3. Alter Rieslingsgemeen Wormer"

### **FECHTER Klaus**

62 Joar, bestued, 2 Kanner  
Bankbeamten



### **HENGEL Max**

34 Joar, bestued, 1 Kand  
Politolog an Historiker  
bäiguerdneten Fraktiounssekretär vun der CSV  
President BC Musel Pikes

### **PUNDEL Claude**

31 Joar  
Gérant de sociétés an Direkter Ressources humaines  
Gemeeneconseiller  
President FC Koepchen Wormer



### **STEFFEN Romain**

52 Joar, bestued, 3 Kanner  
Postbeamten  
Comitésmember BC Musel Pikes

## **1. Een familljen- an awunnerfrëndlech Gemeen**

Et ass d'Aufgab vun der Politik, d'Gemeene kanner- a familljefrëndlech ze gestalten. Dofir mussen déi néideg Infrastrukturen geschaf ginn, ugefaange bei eener permanent funktionnéierender Crèche fir d'Kanner aus der Wormer Gemeen. Déi goud funktionnéierend Schoul zu Dräibuer soll dorch Nohëllef- a Förderméiglechkeeten z.B. am Jugendhaus oder neie Raimlechkeeten ergänzt ginn. Dorch d'Ausbauen vu Spillplazen a Sportsterrainen soll d'Jugend ënnerstëtzt ginn, fir erëm méi Aktivitéiten dobaussen ze maachen. Familljepolitik heescht awer och, iwwer Kanner- a Jugendinteressen eraus een goud Offer souwuel fir eeler Matbierger wéi och fir di ganz Famill ubidden.

## **2. Een kohärent an transparent Bautepolitik**

Fir iis Equipe däerf Bautepolitik net dem Zoufall iwwerlooss ginn, mä muss transparent sinn an fir all Bierger am selwechten Mooss gëllen. Am Kader vun der administrativer Vereinfachung soll Bauen, am Respekt vun alle Regeln vu PAG an PAP, souwéi am Aklang mam Darrebbild, méi einfach ginn a bannen verstännegen Délais'en méiglech sinn. Aus dëse Grënn muss d'Bauterèglement iwwerschaubar an d'Besetzung vun der Bautekommissioun iwwerduet ginn. Den neien Bebauungsplang deen op iis Gemeen duerkennt, soll dem Konzept vun der Landesplanung gerecht ginn a punkto Mobilitéit, Wunnengsbau, Denkmalschutz, Industriezonen an Gréinflächen.

## **3. Nohaltegkeet an alternativ Energien**

D'Gemeen muss sech an all hieren Entscheedungen d'Ëmweltbewosstsinn a virun allem d'Noohaltegkeet als Prinzip virun Aan haalen fir déi kommend Generatiounen net onnéideg ze belaaschten. An iisen Aan ass et dofir wichteg, datt d'Gemeen selwer als e Virbild handelt, an am Beräich vum Méiglechen déi öffentlech Infrastrukturen energetesch saniert an op alternativ Energien ëmstellt. Mir sinn der Meenung, datt d'Gemeen dorch verschidde Subsidien soll Privatleit ënnerstëtzen déi hier Heiser a Wunnengen energiebewusst bauen oder renovéieren.

## **4. Alternativ Verkéierskonzepter**

D'Verkéiserssituatioun an der Gemeen, virun allem an der Rue Principale zu Wormer ass säit Joaren e groussen Problem an et ass och sécherlech net einfach een optimal Léisung ze fannen. Am Dialog mat den Awunner an de Geschäftsleit wäerte mir iis fir d'Ausprobéieren vun alternativen Verkéisersmodeller asetzen.

## **5. Kultur, Tourismus, Sport**

Fir een lieweg an interessant Wormer Gemeen, muss der Kultur, dem Tourismus an der Veräinswelt e wichtegen Stelleväert zougesprach ginn. Et sinn d'Veräiner déi een Gemeen dorch hier Aktivitéiten, sief et am Sport, der Musek oder soss Beräicher, animéieren an de Bierger een flott Offer bidden. Dorch d'Organisatioun vun verschiddenen Manifestatiounen droen d'Veräiner och nach dozou bei d'Kultur an den Tourismus virun ze bréngen. D'Gemeen muss de Veräiner Méiglechkeeten bëiden, esouwuel hiren Aktivitéiten, wéi och der Organisatioun vun kulturellen Manifestatiounen nozegoen. D'Gemeen muss sech der Leeschtung vun der enormer benevoler Aarbecht an de Veräiner bewosst sinn, an se entspriechend honoréieren. Dorch sënnavoll a gezielt Investitiounen sollen touristesch Attraktiounen erhalen an ergänzt ginn. Donieft sinn mir fir d'Schaafen vun eener oppener Galerie fir déi lokal an regional Konschtoffer ze erweideren.

## **6. Gemeenefusioun**

Fir datt iis Gemeen den Erausforderungen vun der Zukunft gewuess ass, an jiddwereen vun Eech méiglechst goud a rapid Servicer ubidden kann, sollt een sech iiser Meenung no der Méiglechkeet vun eener Fusioun mat den Nopeschgemeenen net verschléissen. D'Beispill vun der interkommunaler Schoul zu Dräibuer weist, wéi goud een Zesummenaarbecht kann funktionéieren. Firwat sollt een dat also net op weider Beräicher ausbauen, am Respekt vun deenen eenzelne lokale Spezifitéiten. Een méi grouss Gemeen hätt e ganz aner Gewicht op regionalem an nationalem Plang wann et ëm d'Realisatioun vun groussen Projets'en am Sënn vun de Bierger geet. Zu eem verbesserten Ugebuet mat méi Méiglechkeete fir iis Awunner däerfe mir iis net verschléissen.